NATUR & ËMWELT
Lenneng | Kanech

# FREED UN DER NATUR



natur&ëmwelt



**Z**anter 1994 bewirtschaft d'**natur & ëmwelt Sektioun Kanech/Lenneng** e Wéngert vu ronn 60 Ar an der ***Réserve naturelle um Kanecher Wéngertsbierg*** no de Prinzipie vun der biologëscher Landwirtschaft. Ugebaut ginn Elbling, Pinot Noir a Pinot Blanc.

D'Riefstäck stinn op Terrassen, déi vun traditionnellen Dréchemaueren gedroë ginn. Déi meescht Wéngertsaarbechten kënne sou just per Hand gemaach ginn.

Duerch des Dréchemaueren gëtt awer och e speziellt Mikroklima geschaf, an deem seelen Planzen an Déieren iwwerliewe kënnen.

Méi Infos op: **www.kanecher-gotteszorn.lu**

**Pädagogesch Aarbecht:**

An Zesummenaarbecht mam **natur musée** komme regelméisseg Schoulklassen/Kannergruppen op dëse Site a léire sou d'Planzen- an Déirewelt vum Wéngertsbierg kennen.














## Terrasses d'Or

Vin mousseux brut, *Cuvée aus haaptsächlech Elbling, ausserdeem Pinot Noir a Pinot Blanc*

0,75 L à **12€**

## Kanecher Gotteszorn

Wäin , *haaptsächlech Elbling*

0,75 L à **6,50 €**





Duerch de Kaf vun eisem Bio-Wäin oder Bio-Vin mousseux ënnerstëtzt Dir d'Aarbecht vun eiser Sektioun, sou wéi den Erhalt vun enger traditioneller Kulturlandschaft.

Kontakt:

**info@kanecher-gotteszorn.lu**

Carlo Entringer 621 27 15 03



natur&ëmwelt